DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dümmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.


So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken

C.W.O.II BG 192 C.G.M.

No.44. 28 Octobre.1943

## Et gét alles gutt.

Wann dös Zeidong erscheînt wärden ons Previsiûonen fir den Zusummebrech vun de Preisen um Dnieper Schon iwerholt sin,an 't Russen wärden schon schârf um We sin no Kherson a Nikolaïeff,fir da geschwönn op Odessa weiderzestûössen an dann a Bessarabien erann ze stirmen.Rumänien mat de Petrölfelder ass dann nôt mêi weit eweg, an dann?
Dann ass de Wanter dŝ,a mêi gruôss Hoffnongen sin erlâbt op der ganzer russischer Front,fu Leningrad erôf bis Kieff.
An Italien wärde mer och an e pur Wochen gruôss Neiegkéten erfûren an op der âner Sêit an Dalmatien Wârscheinlech och.
Lötzebürger,Döse Wanter kann nach esuô hârt a batter gin ;et gött Fréd; Losse mer all ons Misèren vergiëssen,op t'Zünn bêissen,fir ons Jongen un der preiseher Front,an Dêitschland, a fir dêi a Frankreich an a Belgien verstöppt jong Leit biëden an hoffen,dât se geschwönn onversêiert a gesond erömm hêim kommen.

---

## De Loftkrich

Wann t'R.A.F. hir gruôss Nuôchtoffensiven iwer t'Dappland mân,sin 5000 Man dru bedélegt a fir t'Préparativen an England sin IOO bis I20.000 Techniker nëidech.
E pur Milliôuen Liter Bensin wêit iwer IOO.000 liter Uôleg gi verbraucht.
Bei derârtegen Ugröff mussen t'Preisen op t'manst eng Millôun Leit mobilisêieren,fir t'Abwehr,t'Nuôchtflieger etc.
Awer wann t'Preisen England ugrêifen,mat hiren hongerechen Machinen, kommen am Durchschnött 208-30,,oft mêi,nöt mêi erömm.
An de leschte vêier Wochen hun t'Allièert op t'Dappland I7.000 Tonnen Bommen geworf,an t'Preisen an der selwechter Zeit I60 Tonnen,also op eng Tonn preisesch Bommen komme mêi wi IOO Tonnen allîêert Bommen.

---

Lîest a verbrêd "De Freie Lötzeburger"

---

Onse lötzeburger Stolz;

Iwer ons Ländchen get munches geschwât.t'Auslänner wössen dat et kleng ass,dât mer eng Grossherzogin hun,an eng Armée vun 300 Zaldoten. An dât wir bâl alles wât se iwer ons ze sôen hun..... Nöt ze vergiêssen natierlech onse Gréchen,onse Bêier,an onse Quetsch. t'Echternôcher Sprang prozessioûn ass och nach zimlech do boûssen bekannt.
Mä hei an dô muss en dann och esoû domm Rieden hêieren wi dëi hei;
Wär et dann nët besser wa Lötzeburg un é gruôsst Land ugeschloss gëif gin Et ass dach esuô kleng,an de Lötzeburger wär et secher ganz égal"

Mei liëwen Här , do îrt der Iëch; Et ass de Lötzeburger ganz a gur nöt égal. Dir sit op falschem Wé. Besonesch zönter dösem Krich,woû mir esoû barbaresch misshandelt se gin,fille mer erëischt richtech wi lëif mir ons Hémecht hun a wi stârk t' Lötzeburger all un hirem Buôdem fest hâlen.
Hei bei ons dohém, woû virum Krich durch 't Politik jo och nöt emmer önner ons en ideale Fridde geherrscht huôt,mä wât ons ower nöt gehönnert huôt alle gurten glecklech a gutt ze liëwen,, hei bei ons ass zönter dem Krich eng Solidritëit entstân, zwöschen alle Stänn a Parte eien, fir 't Ler vu Lötzeburg hiëch ze hâlen, fir sech fern ze hâlen vun allen tristen Typen, dëi hirt Land un de Preiss verkâfen a verôden, entweder fir de Sû oder an der Hoffnong,nôm preisesche Sieg sech eng deck Plâtz ze secheren.
Ann dös Solidaritëit musse mer flégen a kultivëieren,ons E Eergiën zesummen hâlen an alles dun fir dem freche Preiss Difficultëiten an de Wé ze lé'en wuô mer nömme können, a fir ons verdammt Traîtren am Aa ze behalen,bis den Dâg wuô ons Frönn,t'Alliêert onst Land besetze kommen an ons all höllefen,t'Justice integral durĉhzefiêeren.
Lötzeburger, Dir wösst dât mer am Ausland nöt schlecht ugeschriewe sin.Ons Frönn an der Welt wössen all,dât ons Jongen nömmen,,, der Not gehorchend" an 't Dappland arbèchte gôen an an t' Armée bei t' Preisen antrèiden; si wössen och dât eng gruôss Zuôl sech derdurch gêmâcht hun, ann si erkennen all ons Sakrificen verständnisvol un.Also mâcht Iëch keng Suôrgen fir den Ausgang nom Krich. Ons Arbechter hun durch de General streik an onst ganzt Vollek durch t'Ofstömmong virzejoert genuch bewisen dât mir all drop hâlen,fir och nôm Krich Lötzeburger ze bleiwen, wât et ons och haut ka kaschten . -
Mir begrëissen all Konventioûnen,di ons Regierong an England mat Holland a Belgien wént den Devisen an Douane-Frôen elô schon préparëiert a mir hoffen,dât et geléingt eng intim an daucrhaft Zesummenarbecht mat döse Länner nôm Krich obzebauen.

---

Mâcht Iëch fort dir wëll a stenkeg Preisen
mir wëllen iëch et klor beweisen
mir wëlle bleiwe wât mir sin
An nie an nimmermehr wëlle mir Preise sin

---

Esofill ass jo elo gewëss ,den Hitler krit elo dé russischesch Fauscht op seng knâschteg Schëss

---

Dât wat ech hun,dât wöll ech mat dem Freie Lötzeburger dèlen;

---

C. W. O. II
C. 2. G. M.

Wo' sti mir elo mam Krich??

Bonzen und Profitler
Sagen noch: Heil Hitler,
Beamte und der Mittelstand
Heben kaum noch die Hand,
Das Volk mit seinen Sorgen
Sagt jetzt schon : Guten Morgen ;
Doch die ganze untere Bagage
Sagt krass : Leck mich ....

Ech mengen dat elo , dat frösch aus dem Preiseland könnt,get t'Stömmung kurz a gutt eröm ;- Näwe' den Adolf de Benito fänke gung, a we'd'Amerikaner en Dag oder zwe'n bei Salerno net viru ko'men , du huet de Goebbels mat Hänn a Fe'ss op d'deck Tromm gekâtscht, a we' et schengt , huet muench soi-disant räsonnable Preiss d'Schnauz schon eröm me' he'ch gedron. D'ass nun èmol esô' „de Preiss muss d'Schnöss militäresch a Fatze geschloe kre'en, an da gött en we' den Churchill gesot huet : " Entweder hu dier en un der Gurgel oder virun de Fe'ss leien", selbstverständlich dat läscht ...

A wo' sti mir militäresch ? 6 ;Virun engem Johr viru Cairo an elo viru Rome,op Sizilien,Sardinien a Corsica, wonnerbar Sprongbrieder Virun engem Johr zu Stalingrad an un der Wolga ; an haut Smolensk, dem Hitler sein Hauptquartier ass wëll längst passëert,um Dniepr,mat der Krim eso' gutt ewe' am Sâk.De Petrol aus dem Kaukasus,d'Kuelen an de Stôl aus dem Donetzbassin,de Wèss aus der Ukraine sin dem Preiss entrass.

An de "kinderlose " Fuhrer hat awer duefir Millionen deitsch Jongen geaffert.D'russisch Arme',de' viru zwè Johr vum Führer "endgulteg vernichtet" wor, waltzt haut mat "Uebermacht" ge'nt dat zappelicht Preiseland. Haut winselt de Goebbels vun "unmenschlicher Kriegsführung", mä wann s'em vu London aus seng ège Stömm durch den Aether johen "Der totâlste Krieg ist gerade totâl genug" dann dre'nt e we' en Dapp op sengem kromme Bèn. An den Hitler kritt Nervekrisen wann d'BBC him seng beruhmte Plack spille : " Ich werde ihre Städte ausradiiiren";-We' dat drött Ungetum,ech mengen de Goering,mat senger Eunuchenstömm gefistelt huet "Ich werde dafur sorgen, dass auch nicht eine einzige Bombe deutsche Gebiet treffen wird", do hât-en och net gedueecht, dat zwè Johr spe'der seng Gielerchen iwer engem vun Angscht schladderige Schwengskierper en Dè'donarsch klabbère ge'won.

Wo' mir och nömmen hikuken,sin d'Nouvelle gutt fir ons. Bedenkt dat ömmer a vergiesst et nie ,wann d'Zeit iech och hei an do emol lang soll gin.Mir hun et elo drei Johr ausgehalen,mir halen et noch nach de' puer Me'nt aus'trotz all dem Lèd dat de' knaschteg Honn onse Jongen an onse Mammen andun. Wann dir dorun denkt,da beisst d'Zänn obenèn, hâlt aus an hofft. De Preiss berappt och dât a gröndlech, virun onse Fe'ss.

---

Lötzeburger Jongen, dè sech eweg man an t'Ausland, vergiëst nèt dat Gestapo iehr Photo huet,durfir sitt esoû vorsichtig ewe' nömme meglech.

===

\- d'Moritât vum = Klau =
------------------------(Hart ze Liesen )

d'Preise schreiwen mat Klamau
Emmer erem vum = Kohlenklau =
Well bei ons am Muselgau
Sin sie d'Meschter vum Geklau;
Mir han ons deraus ke Rauh,
An et det ons emmer schlau
Wann de Jupp de = Lige-Klau=
Gêt am = Reich = alldag me mau.
= Kanone statt Botter = Bautz-perdau;
Sot den Hermann = Botter-Klau =
A hat all den vill Radau
Obgeblosen we e Pau
Gung den Adolf kleng an dau.
We du kom de = Nerveklau =
Wor de Preiss ob emol lau
Trotz dem Himmler sei Wau-Wau
Vu Prisong a Gestapau.
Mais d'Geschicht vum beschte Klau
Gung gemacht am Italie-Gau
Mat dem = Mussolini-Klau =
Gelt dat wor e schent Gemau.
We an der Bibel den Här Esau
Frosst den Hengst an Knaudlerbau
Speck an Hamen van der Sau;
Dat hêscht = Pg. Hame-Klau =
De Simon get alldag me flau
Bedauert dat hien wär eso rauh;
Mei lieve Gusty dei Gebrau
Stenkt zum Himmel deck an drau,
Du bass de gresste Laus am Gau;
Du latzen Här = Ober-Klau =.

Dir knaschteg Preisen allegau
Heere mir en Dag bis Michelau
Brellen a jeitzen: = Auh, Auh, Auh = . (Jipe)

Lötzeburger ; Et goht net dur dass der iech sot:= Ons kann neischt passeören, mir hu jo neischt fir d'Preise gemacht =
Nen, nom Krich get der och gefrot := Wat hou-der fir ert Land, wat hou-der fir d'Lötzeburger, wat hou-der gent d'Preise gemacht. ----------

---

Eraus aus der Partei.

Elo woû set all mat der Angscht ze dun hun, siehen di méscht se méscht sech aus der Partei erauszemân, a wi onse Berliner Korrespondent molt huôt t'Partei-Oberleitong di folgend Konzessiuônen misse mân

Fir können aus der Partei auszeschéden, muss én a frôsche Parteimann beibrengen;
Wann én der zwén beibrengt, kritt én en Zertifikat, dât én nie an der Partei war. Brengt én der drei, da gôt et en Zertifikat, dat én an engem Konzentrationslager Wor. A wann én der viêr brengt, kritt én en Zertifikat dât seng Gruôssmamm ,, nicht-arisch " wor.

==============================

C. W. O. II
C. 2. G. M.

Opgepasst,Lötzeburger ;
t'Gestapo wâcht.

==========================

50 Persoûnen ( oder besser Schwein ) si kirzlèch an't Gestapo hei zu Lötzeburg frösch op gehol gin,25 Männer a 25 Fra'en. Hir Nimm gin notêiert an hire Kont gôt vlêicht scho während dem Krich réglêiert. Also Lötzeburger opgepasst wât der sôt an telefonêiert a schreift.

Wi et schêint,ass e ganzen Escadron lötzeburgesch Spitzelen zönter a pur Lènt speciell a Frankreich an a Belgien gescheckt gin,fir ons brav Jongen,di sech derdurch gemâcht hun,ze fenken.
Hei sin e pur Nimm dêi speciell ons belsch Frönn sech solle mirken, fir se qui de droit weider ze gin :

Jules Jacobi.

---

de Josy" ( de klenge Chauffeur vum Lux )

---

de Simon ( dén sech esoû gur als Abbé présentêiere gét, fir soi-disant t'Jongen ze retten .)

---

Kinn, dé versoffenen Affekôt .

---

e gewösse Schiltz,dé soll 98 Avenue de la Constitution zu Breîssel wunnen.

---

Willy Bley. Ch.de Waterloo Breîssel.

---

eng Madam Denoyer-Schmitz. vun Uccle.bei Breîssel.

---

Et soll alles op t'Bén gesât gin,fir dêi knaschteg Kreaturen ze pakken an nidder ze knâlen.Mir Heihém wärden nöt raschten,bis mer se all am Sâk hun . Avertêiert ér belsch a franzêisch Frönn,esoû bâl wi mieglech

---

Mit gegangen,mit gefangen, mit gehangen,vergiêst dat nit.

==========================

t'Löscht vu den Déportêierten erschêint an der näckster Nummer.

---

Si wösse net mé wat se sollen als Communique gin,esoû gur dé zwé Wierder " Planmäsich geräumt " si ferschwonnen.

---

Den Hitler billt net mé,we gier e Maufel höllt,muss de Mond op din, mé vu vill bille huet hien seng Zenn verluer.

---

Dé zwe'n Kumpanen

---

Den Adi an de Benito wössen net wat se solle so'en fir dem Adi seng E'er ze retten, do hun se eng richteg Reibergeschicht erfont, " den Adi hat och solle geknidkapert gin ;" an dat wôr nömme fir seng Actionen an Deitschland eröm an t'Lucht ze brengen, dé all Dag erof gin.
t'Zeit ass eriwer " et ass kén zwéten Reichstag unzestéchen " " t'ass ké Mönsch a Deitschland dé nach esoû Sâche gléft, mir Lötzeburger, dé jo elo a Preiseland könne verké'ern, wösse ganz gud wât t'Leit denken a soen.

---

Aich, de fre'iheren stolze Fuhrer dé bald de Pinsel eröm muss huelen.

---

Preiss... A wen huet dat Recht ons derzo'ze zwangen , A wann onser Herrgott vum Himmel erof kom wir, a gesôt hèt : Jongen, Preiss oder, dann hèt et geschallt aus engem Monn , MIR SI LOTZEBURGER A mir
WELLE BLEIWE WAT MIR SIN.

---

( Bre'fköscht )
vu Geld ass agangen

---

| | | | |
|---|---|---|---|
| Blanne Jang | Fr. 100 - | Fir ons lötzeburger Jongen | 200 - |
| U.G.D. | 100 - | St.Hubert | 250 - |
| Hâlt durch | 100 - | Asti | 500 - |
| De Schiëlen | 100 - | M.G. | 500 - |
| Nicole | 100 - | L.S. | 500 - |
| Kitoko | 100 - | J.D. | 500 - |
| E Kélespiller | 100 - | Anonyme | 1000 - |
| T'Murtentröppler | 100 - | Cambacérès | 2000 - |
| M. | 200 - | Vive Lötzeburg | 2000 - |
| S.S. | 200 - | durch 't Bascht ; | 3000 - |
| Anonyme | 200 - | | |

villmols merci

---

Un all ons Liëser sende mir de Portrait vum Präsedent Roosevelt

---